

gouf och gläich schonn eng Disposition aus enger Direktiv agebaut, déi nach guer keng ass. Et handelt sech ëm e Richtlinieprojet, also ëm eng Direktiv oder e Projet de directive, iwwert dee sech am Oktober zu Bréissel gëeenegt gouf an dee sech op d'Kontroll vun de Joresofschlëss an de konsolidéierte Konte bezitt. Fir déi vun lech, déi et ganz genau wësse wëllen: Et geet ëm d'Transparenz an ëm d'Publikation vun den Honorairë vun deene gesetzlech virgeschriwwene Kontrollleuren, am Volleksmond och Réviseurë genannt.

Dës virgezunnen Ëmsetzung mécht Sënn, well se dem Législateur erspuert, deemnächst schonn erëm un dëst Gesetz flécke goen ze mussen. Op där anerer Säit awer war dem Statsrot seng Remarque duerchaus pertinent, dee gesot huet, et kënn een net am Libellé vun engem Gesetz eng Direktiv ernimmen, déi et nach net gëtt. Dofir ass dann och deen Deel aus dem Titel vum Gesetz gestrach ginn - wat deem Ganze kaum Ofbroch deet, well dee Libellé ass och esou nach laang genuch, wéi Der konnt gesinn.

Wat heescht dat alles elo an der Praxis fir déi betreffen Entreprises, also an dësem Fall fir eis Banken?

Mä genau geholl däerft et hinnen net allze wéidinn, well et kommen eigentlech nëmmen dräi vun deene ronn 150 Banken a Fro, an zwar déi dräi, déi hei op der Bourse cotéiert sinn. Dat ass awer Theorie, well a Wierklechkeet verhält et sech e bëssen anescht.

#### (Interruptions)

Engersäits hu mer gesinn, datt et deenen eenzelne Memberstaten iwwerlooss ass, d'IAS-Regele méi oder manner breet bei sech unzewenden, sou datt um Enn net nëmmen déi op der Bourse cotéiert Haiser beträff wäerte sinn, mä och déi aner.

Op där anerer Säit däerf een net vergiessen, datt bei eis bal all Banken zu internationale Gruppe gehéieren, also zu Mammen, déi hirersäits dozou ugehale sinn, den IAS-Référentiel unzewenden, an déi dofir selbstverständlech drop bestoe wäerten, datt hir Duechten, also déi, déi bei eis hei sinn, no deeneselwechte Regele bilanzéieren. Also geet den IAS all eis Banken un, och wann dëse Projet theoretesch de Choix léisst, net nëmmen ob, mä och wéi eng vun den IAS-Regelen iwwerholl gëtt.

#### ■ Une voix.- Très bien!

■ **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Et stéiert och dofir kee sech weider drun, datt d'CSSF als Opsichtsautoritéit ugekënnegt huet, datt si no enger lwwergankszäit, wou se de Banken effektiv nach de Choix léisst, vun 2008 u verlaangt, datt d'Gewënn- a Verloschtrechnung an de Bilan IAS-konform musse sinn.

Dat huet säi Grond: 2008 féiert d'CSSF en neie Reportingmodell an, deen d'Banke benotze mussen, fir hir Resultater bei hirer Opsicht ze mellen. An deen neie Modell wäert iwwregens net nëmmen um IAS-Référentiel baséieren, mä och op der CAD III.

Sou, wat ass dat dann elo erëm?

Mä CAD steet fir „Capital Adequacy Directive“ a féiert nei Kapitaldeckungsregelen an, déi ënnert dem Fachbegrëff - ech hat et éinescht gesot - Basel 2 zesummegezammert gouden an déi d'Kreditwiesen net nëmmen e bëssen däerften duerchernee rëselen. Mä alles zu senger Zäit. Doriwwer schwätze mer, wann et an e puer Méint esou wäit ass, a mir opgeruff sinn, d'CAD III ëmzesetzen.

Fir den Ablack geet eis den IAS-Pak duer, deen ech lech elo kuerz virgestallt hunn an deen unzehuelen ech lech nëmmen empfehle kann. Ech jiddefalls däerf den Accord vu menger Fraktioun bäisteieren an lech Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien!

■ **M. le Président**.- Ech denken, dass d'Fraktiounen mer zoustëmmen, wann ech am Numm vun hinnen alleguerten dem honorebelen Här Thiel Merci soe fir deen detailléierte Bericht,...

#### (Interruptions et hilarité)

...deen technesch zimlech komplizéiert war. Ech weess net, ob mer alleguerten alles verstanen hunn.

#### ■ Une voix.- Oooohh!

■ **M. le Président**.- Hien huet sech op jidde Fall vill Méi ginn, fir eis ze explizéieren, ëm wat dass et geet, an ech denken, dass, wann d'Regierung deem näischt bäizeflécken huet, mer direkt zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet komme kënnen.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5429 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo nach zwee Projet-de-loien, zwee Steierofkommëssen, eent mat Lettland an eent mat Litauen. Et ass net nëmmen esou, dass déi zwee Länner geographesch net esou wäit auserneen sinn, mä och de Fong vun deenen zwee Projete gläicht sech. Deementsprechend, mengen ech, wär den Här Hauptert bereet, de Rapport vun deenen zwee Projeten an engem ze maachen.

Ass d'Chamber domadder averstan?

#### (Assentiment et brouhaha général)

Dann ass et esou decidéiert.

Den Här Hauptert...

#### (Brouhaha général)

Den Här Hauptert huet d'Wuert elo, fir déi zwee Steierofkommësse mat Lettland a mat Litauen ze presentéieren!

### **10. 5460 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-**

### **Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 14 juin 2004**

### **5473 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 22 novembre 2004**

#### **Rapports de la Commission des Finances et du Budget**

■ **M. Norbert Hauptert** (CSV), *rapporteur*.- Mat Ärem Accord, Här President, wäert ech dat maachen.

Déi zwee Projeten handeln ëm d'Approbatioun vun deenen zwee Duebelbesteierungsokomme mat Litauen a mat Lettland. D'Zil - Dir wësst et - vun dem Duebelbesteierungsokommen ass, fir d'Besteierung vu Persounen a vu Betriber, déi an deenen zwee Länner tätég sinn, richteg ze erstellen, an zwar fir engersäits déi besteierbar Revenuen ze erfaassen an op där anerer Säit awer och d'duebel Besteierung ze verhënnern.

Dës Accordë si wichteg fir déi wirtschaftlech Relatiounen tëschent deenen zwee Länner ze förderen. Éischstens emol, dass d'Entreprise vun deem enge Land an dat anert Land kënnen goen, ouni dass hir Benefisser, déi se do realiséieren, zweemol besteiert ginn, an anersäits ass et awer och besonnesch wichteg, fir d'Investissementer vun de Leit vun deem enge Land an dat anert Land ze förderen.

Lettland a Litauen, Dir wësst, dass déi virun annerhallwem Joer der Europäescher Unioun bäigetruede sinn, déi zwee baltesch Länner, déi ufanks den 90er Jore fräi gi sinn, dat heescht, hir Eegestännegkeet kritt hunn. Dat huet fir si natierlech bedéngt, dass se ufanks vill Schwierigkeeten an hirer wirtschaftlecher Entwécklung haten. Si hunn ee vun hire gréisste Partner verluer, dat heescht d'Sowjetunioun, a si hunn eben am Ofank vun den 90er Jore misse struewelen, fir sech wirtschaftlech ze entwéckelen. Haut sinn et awer déi Länner, déi am Kader vun der Europäescher Unioun déi gréisste wirtschaftlech Progressioun ze verzechnen hunn.

Déi zwou Konventiounen lehne sech ganz staark un de Modèle type vun de Konventiounen, déi d'OCDE fir hir Länner virgeschriwwen huet, un. Si droe selbstverständlech, wéi all Konventioun, déi mer mat anere Länner ofschléissen, der spezifescher Situatioun vun deenen zwee Länner Rechnung, a wa mer se haut zesumme kënnen traitéieren, sou ass dat, well déi zwou Konventiounen sech ähnele wéi een Ee deem aneren, mat liichten, onwesentleche Varianten.

Ech kann och gläich soen, dass déi zwou Konventiounen keng steierlech Abousse fir eist Land no sech zéien, well mer op där enger

Säit vläicht Steieren net erakréien, op där anerer Säit awer duerch déi ekonomesch Relatiounen, déi sech duerch dëst Ofkommen intensivéieren, méi ekonomesch Aktivitéite gefördert ginn, an dass mer doduerch weider Steieren erakréien. Ech wäert mech och a mengem Rapport hei just beschränken op déi wesentlech Ofweichungen, déi déi zwou Konventiounen vis-à-vis vun der OCDE mat sech bréngen.

Déi éischt Ofwäichung ass déi vun der Zourechnung vun enger Entreprise zu engem Land, dat heescht, a wellechem Land soll eng Entreprise besteiert ginn. An der Convention type vun der OCDE heescht et, dass déi Entreprises do besteiert ginn, wou se hir effektiv Direktioun, hire Sëtz hunn. Hei an dëser Konventioun gëtt net vun dem effektive Sëtz vun der Direktioun geschwat, mä déi Entreprisë sollen do besteiert ginn, wou den Exploitant vun der Entreprise seng Résidence huet.

Dat bréngt mat sech, dass mer Problemer hunn, wann eng Gesellschaft soll besteiert ginn: Wien ass den effektiven Exploitant vun där Gesellschaft? Duerfir soen déi zwou Konventiounen, dass dann déi zwee Länner sech sollen eens ginn, wou d'Besteierung stattfënn.

Eng zweet Divergenz vis-à-vis vun der OCDE-Konventioun ass déi vun den Dividenden. Wéi all Konventioun, déi mer mat engem anere Land hunn, hält Lëtzebuerg ëmmer drop, dass och déi Benefisser, déi un Netaktionären, dat heescht un d'Bailleurs de fonds verdeelt ginn, en rémunération vun hirer Mise, déi se an déi Gesellschaft gemaach hunn, oder am Fall vun engem Besëtzer vun enger Obligatioun, wann déi Obligatioun nieft engem festen Zënssaz och nach eng Participatioun un dem Benefiss vun där Gesellschaft huet, da ginn also déi Rémunératiounen vun deene Créancen och als Dividend considéréiert. Dat ass also net esou an der Convention type vun der OCDE virgesinn.

Wat d'Dividenden ubelaangt, gesäit d'OCDE eng Retenue à la source an deem Land vir, wou de Benefiss ausgeschott gëtt. D'Konventioun gesäit do eng Retenue à la source vu 15% vir. An der Konventioun vu Lettland gesi mer eng Retenue à la source vun 10% vir, an der Konventioun mat Litauen eng vu 5%.

Wat d'Zënsen ubelaangt - nëmmen tëschent Klammer, et ass keng Ofwäichung vun der Convention type -, do ass eng Retenue à la source vun 10% an deenen zwou Konventiounen virgesinn, esou wéi dat och an der Convention type festgehalten ass.

Eng aner Ofwäichung ass déi vun der Besteierung vun de Redevancen op d'Brevet an d'Droits d'auteur oder den Usage vun Équiperement. Do ass an der Convention type vun der OCDE keng Retenue à la source virgesinn. An dësen zwou Konventiounen ass eng Retenue à la source vu 5% respektiv 10% virgesinn, jee nodeems ëm wellech Redevance et sech handelt.

Wat een och nach hei berücksichtigen oder ervirhiewe muss, dat ass, dass an der Konventioun - oder villméi an engem Protokoll, deen un d'Konventioun ugehaangen ass - eng Clause de la nation la plus favorisée, wat d'Redevancen an d'Zënsen ubelaangt, dran ass. Dat wëllt heeschen, wann, nodeem dass déi Konventioun hei ofgeschloss an adoptéiert ass, eent vun deene Länner engem anere Land vill méi eng favorabel Besteierung, wat d'Zënse respektiv d'Redevancen ubelaangt, bitt, da sollen déi Länner hei vun dëser Konventioun och vun deem méi gënschtege Regime profitéieren.

Dann eng Ofwäichung vun der Convention type, déi Lëtzebuerg ëmmer an hire Konventiounen niddereschreift, dat ass déi vun der Besteierung vun de Pensiounen vu

Leit, déi am Privatsecteur geschafft hunn. An der Konventioun OCDE ass virgesinn, dass déi Besteierung do geschitt, wou de Bénéficiaire wunnt. Vu dass awer de Lëtzeburger Stat en Drëttel vun de Cotisatiounen vun de Pensiounen vun den eenzelne Leit bezilt, gesi mer ëmmer an eise Konventiounen vir, dass déi Besteierung do stattfënn, wou déi Pensioun ausbezuelt gëtt, dat heescht, déi Pensiounen, déi mer a Lettland respektiv Litauen sollen eng Kéier bezuelen, déi ginn och hei zu Lëtzebuerg besteiert.

Da sinn natierlech och op Wonsch vun deenen zwee Länner an der Konventioun nach spezial Dispositionen iwwert d'Aktivitéite virgesinn, déi sech um Mier ofwéckelen, wou mir selbstverständlech keng gréisser Problemer hunn.

Wat elo d'Verhënnerng vun der Duebelbesteierung ubelaangt, do huet Lëtzebuerg optéiert fir de Régime de l'exemption. Dat wëllt heeschen, dass déi Steieren, déi e Lëtzeburger schonn a Litauen respektiv Lettland bezuelt huet op Revenuen, dass déi Revenuen dann exempts d'impôts hei zu Lëtzebuerg sinn. Déi zwee Länner hunn awer de Système d'imputation gewielt, dat heescht, déi Steieren, déi se hei zu Lëtzebuerg bezuelen, ginn hinnen a Litauen respektiv Lettland un hirer Besteierung ugerechent.

Bei deenen zwou Konventiounen handelt et sech ëm déi 46. respektiv 47. Konventioun vun engem Duebelbesteierungsokommen, déi mer mat Länner gemaach hunn. Eeef weider Konventiounen sinn nach an Aarbecht., sou och déi mat Indien, déi awer de Moment op Äis geluecht ginn ass, wéinst där bekannter Situatioun.

No dëser Konventioun hu mer mat 22 Länner aus der EU eng Konventioun iwwert d'Duebelbesteierung ofgeschloss. Et feelen de Moment nach Estland an Zypern. Déi Konventioun mat Estland ass an Ausaarbechtung.

De Statsrot huet bei deenen zwou Konventiounen hei en Avis favorable ausgeschat. D'Kommissioun huet och déi zwee Rapporten unanime ugeholl, an ech ginn heimat den Accord vun eiser Fraktioun a soen lech Merci.

#### ■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Hauptert, fir déi ausféierlech Bericht. Den Här Minister Luc Frieden freet kuerz d'Wuert.

#### **Discussion générale**

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wollt just soen, datt déi Duebelbesteierungsokommëssen extrem wichteg si fir den Handel tëschent eise Land an deene Länner, mat deenen déi Konventiounen gemaach ginn. Et ass also e wichtige Standuertavantage, och déi Duebelbesteierungsokommëssen ze hunn, och mat deenen zwee Länner, wou dat de Mëtten hei diskutéiert gëtt. Duerfir wollt ech och am Numm vun der Regierung dem Här Hauptert Merci soen.

Ech wollt just par rapport zu senger Interventioun vun elo grad soen, datt d'Regierung selbstverständlech d'Négociatiounen weiderféiert mat Indien betreffend d'Duebelbesteierungsokommës, datt Gesprécher an deem Sënn mat der indescher Regierung gëschter stattfonnt hunn, an datt mer och hoffen, datt deen Accord a ganz kuerzer Zäit kann ofgeschloss ginn, well hei geet et drëm, tëschent Lëtzebuerg an Indien, wat e grousst Land ass, déi Accorden an déi Négociatiounen, déi virun engem Joer ugefaang gi sinn, och erfollegräich ofzeschléissen. Duerfir wollt ech d'Chamber doriwwer informéieren.

Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Den Här Grethen huet d'Wuert nach gefrot.



■ **M. Henri Grethen (DP).**- Jo, Här President, ech wollt den Här Minister froen, ob et richteg ass, dass d'Regierung amgaang wier, den Accord de non double imposition mat Frankräich ze renégociéieren?

■ **M. Luc Frieden,** *Ministre de la Justice.*- Här President, ech kann dem Här Grethen déi Fro net beäntwerten, ech muss do beim Finanzminister respektiv bei der Steierverwaltung nofroen. Ech si jo net direkt zoustänneg fir d'Duebelbesteierungsofkommessen. Duerfir géing ech dem Här Grethen déi Antwort gären noreechen.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung. Fir d'éischt de Projet de loi 5460 betreffend d'Steierofkommes mat Lettland.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

■ **Une voix.**- Här President, d'Procuratioun geet net!

■ **M. le Président.**- De Projet de loi 5460 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Doënnen ass eng Procuratioun net gaangen.

■ **Une autre voix.**- Et geet iwwerhaupt net!

■ **M. le Président.**- Et war dem President säi Feeler.

Voilà. Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

## Sommaire des séances publiques

Communications page 246

Ordre du jour page 246

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°63 du 13 février 2006 de Monsieur Marco Schank relative aux mesures préventives de protection d'eau de la part des communes et la coopération avec le secteur agricole dans ce domaine, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire pages 246-247

- Question N°64 du 14 février 2006 de Monsieur Emile Calmes relative à l'introduction d'une taxe écologique, adressée au Ministre des Transports page 247

- Question N°65 du 14 février 2006 de Monsieur Roland Schreiner relative à la mise en application de différents aspects de l'accord salarial signé entre le Gouvernement et la CGFP en date du 31 mai 2005, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative page 247

- Question N°66 du 14 février 2006 de Monsieur Claude Adam relative au soutien à la création d'un lycée Schengen à Perl dans le cadre d'une coopération entre la Sarre et Luxembourg, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle pages 247-248

- Question N°67 du 14 février 2006 de Monsieur Marcel Glesener relative à la préservation des hauts-fourneaux de Esch-Beval, adressée au Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche page 248

- Question N°68 du 14 février 2006 de Monsieur Robert Mehlen relative au régime de paiement unique des primes dans le secteur agricole, adressée au Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural pages 248-249

- Question N°69 du 14 février 2005 de Madame Claudia Dall'Agnol relative aux procédures d'intervention et de prévention en cas de survenance de méningite dans les écoles, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 249

- Question N°70 du 14 février 2006 de Monsieur Xavier Bettel relative à la fixation et à l'adaptation des loyers du Fonds du Logement, adressée au Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement page 249

- Question N°71 du 14 février 2006 de Monsieur Camille Gira relative au règlement grand-ducal type sur les bâtisses, les voies publiques et les sites, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire pages 249-250

- Question N°72 du 14 février 2006 de Monsieur Robert Mehlen relative au lit de rivière de la Sûre, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 250

- Question N°73 du 14 février 2006 de Monsieur Gast Gibéryen relative à la situation financière du Fonds communal de dotation financière, adressée au Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 250

Question avec débat N°5 de M. Fernand Diederich relative au bilan de la loi du 8 décembre 2000 sur le surendettement pages 250-251

Heure d'actualité demandée par le groupe DP relative au dialogue des cultures pages 251-254

5507 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux effectués en relation avec

- l'agrandissement et l'assainissement de la décharge pour déchets ménagers et assimilés au Friedhaff/Diekirch et la construction d'une installation de prétraitement mécanique et

- la construction d'une installation de prétraitement biologique par le syndicat intercommunal pour la gestion des déchets en provenance des ménages et des déchets assimilables des communes de la région de Diekirch, Ettelbruck et Colmar-Berg (SIDECE) pages 254-257

4673B - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention pages 258-267

5510 - Projet de loi relative aux mécanismes de projet du Protocole de Kyoto et modifiant la loi du 23 décembre 2004

1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre;  
2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto;  
3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés pages 267-274 page 281

Dépôt d'un projet de loi page 275

Questions urgentes N°920 de M. Jean Huss, N°921 de M. Claude Meisch et N°922 de M. Aly Jaerling relatives à la grippe aviaire pages 275-277

Dépôt d'une résolution page 277

4939 - Proposition de révision de l'article 68 de la Constitution et

4285 - Proposition de révision de l'article 69 de la Constitution pages 277-281

5405 - Projet de loi portant approbation

1. du Protocole établi sur la base de l'article 43, paragraphe 1, de la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol) et modifiant l'article 2 et l'annexe de ladite convention, signé à Bruxelles, le 30 novembre 2000;

2. du Protocole modifiant la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol) et le protocole sur les privilèges et immunités d'Europol, des membres de ses organes, de ses directeurs adjoints et de ses agents, signé à Bruxelles, le 28 novembre 2002; et

3. du Protocole établi sur la base de l'article 43, paragraphe 1, de la convention portant création d'un Office européen de police (convention Europol), modifiant ladite convention, signé à Bruxelles, le 27 novembre 2003 pages 281-282

5412 - Projet de loi sur les équipes communes d'enquête pages 282-283

5487 - Projet de loi relatif à la participation du Grand-Duché de Luxembourg

- à la 14<sup>e</sup> reconstitution des ressources de l'Association Internationale de Développement;

- à la 8<sup>e</sup> reconstitution des ressources du Fonds Asiatique de Développement page 283

5429 - Projet de loi relative à l'introduction des normes comptables internationales pour les établissements de crédit portant modification de la loi modifiée du 17 juin 1992 relative aux comptes des établissements de crédit et transposition:

- de la directive 2001/65/CE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2001 modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE et 86/635/CEE en ce qui concerne les règles d'évaluation applicables aux comptes annuels et aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés ainsi qu'à ceux des banques et autres établissements financiers;

- des articles 5 et 9 du règlement (CE) N° 1606/2002 du Parlement européen et du Conseil du 19 juillet 2002 sur l'application des normes comptables internationales;

- de la directive 2003/51/CE du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2003 modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE, 86/635/CEE et 91/674/CEE du Conseil sur les comptes annuels et les comptes consolidés de certaines catégories de sociétés, des banques et autres établissements financiers et des entreprises d'assurance pages 283-284

5460 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 14 juin 2004

et

5473 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lituanie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 22 novembre 2004 pages 284-285

Ordre du jour page 285

Dann de Projet de loi 5473 mat Li-tauen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5473 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Roland Schreiner), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M.*

*Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner (par M. Niki Bettendorf);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

### 11. Ordre du jour

Mir hunn dann nach d'Resolutioun, déi den honorabelen Här Mehlen déposéiert huet, betreffend Guan-tánamo. Et si verschidden Deputéiert u mech erugetrueden, och

déi eng oder aner Fraktioun, déi gesot hunn, dass et schwiereg wär, well dee Rapport éreischt gëschter publizéiert ginn ass, an déi meescht nach net d'Méiglechkeet haten, fir Asiicht an dee Rapport ze huelen, ob et net méiglech wär, dass mer déi Resolutioun hei géifen an d'Kommissioun ginn a se dann an där nächster éischter Sitzung vun der Chamber géife gegebenefalls op den Ordre du jour huelen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Une autre voix.**- Jo.

■ **M. le Président.**- Ass d'Chamber domadder d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge sinn de 14., 15. a 16. März. Den Ordre du jour gëtt lech schréftlech matgedeelt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.12 heures)**

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg